

Déi vun de Banken

Hir Branche mécht sech breet. Et waren hiner knapps zwanzeg virun zwanzeg Joer, dëser Banken, elo sin et der iwwer honnertsechzeg. Alles dréit sech ëm si, ëm hir Emissiounen vu Wäertpabeieren, fir Steieren ofzeschreiwen, ëm hir Anlage fir Privatleit, fir Steieren ze hannerzéien, ëm all déi Déngschter, hannert deenen sech den Dram vum liichte Geld verstoppt, ëm hir Bilanën a Geheimnisser, mat deenen d'Land anscheinend steet oder fällt.

D'Banke grënne Klupper fir d'Kanner, organiséiere Kurse fir d'Vollek, verliese Fachdiktationären iwwert de Radio, kommen an d'Schlagzeile vun der Finanzpress wéinst dem Boom op der Plaz Lëtzebuerg, geroden awer och an déi vun der schwaarzer Chronik wéinst dem Wäisswäschen, a firwat och net, an déi vun de Kultursäite wéinst hirem Mezenatentum. Bis an dee lëschten Haushalt am Hannerland as hire Ruff an hir Sprooch gedrongen. An d'Schlange vun de Belsch an de Bankfiliale vum Eisléck verschléit de Leit douewen ëmmer erëm d'Sprooch.

Well se Liquiditéitszoubrénger sin, halen se sech fir d'Häerz vum Land a vun nach vill méi. An dat get hinnen ouni weideres ofgeholl. Sot dach net e Professer aus engem Provënzlycée no enger Aarbéchtssetzung an der Stad: "An elo gi mer bei de "Jacques". Do pulséiert d'Liewen. Do sin di schéi Medercher, do sin déi vun de Banken." Dat alles an engem Toun, deen Näid, Voyeurissem a Bewonnerong an der

Loscht virum groussen Onbekannten gedroen huet, eng grouss Verneijhong vum weltfriemen Humanist virum Bankwiesen, dem neie Wiesen, dat d'Geschécker vu Stad a Land bestëmmt, dat d'Leit an d'Wueren, Möbel an Immöbel schubst, dréckt, hetzt, undreiw, ofbaut, opbaut, eropdréckt, fale leesst, all Rhythmus diktéiert an al Widdersproch net méi duldet: de neie Meeschter. Oder: d'helleg Kou, den ondiskutierbare Lärm vun engem ondiskutierbare Konsens, den Tabu.

Et get kaum eng Branche, déi esou vill hannert d'Kulisse gesäit, awer selwer nëmme gär gesi get, wann se als Kuliss do steet. An dofir get gesuergt. De Siège vun enger Bank muss gutt leien, wa méiglech zentral, repräsentativ ausgesin a baulech am Trend. Fir d'éischt gouf héich a modernistescht gebaut, elo get schick restauréiert. Oder awer et gi klassizistescho-orientalesch-chrëscht-kathoulesch Baaschtereien ouni Linn an ouni Goût an d'Welt gesat, deenen hire gëllene Moscheeopsaz ouni Ironie als Contrepart zum Spuerkeestuerm versta get, an dat ënnert dem Applaus vun der lénker Dagespress, déi, consensus oblige, et net midd get, di nei "Temple vun der Finanz" ze besangen.

Déi an dësen Templen hiren Déngscht verriichten, si wuel déi, di an der Stad am meeschten opfalen. Mëttes si si ausgespaart, rennen an d'Restauranten, fir onséglech Plat-du-Jourën erofzewiergen, drécken

**Et get kaum
eng Branche,
déi esou vill
hannert
d'Kulisse
gesäit, awer
selwer
nëmme gär
gesi get,
wann se als
Kuliss do
steet.**

sech ëm d'Théike fir de Sandwich an den Espresso, lafen a gutt gekleete Gruppen, de strikt-lässegen italienesche Kostüm nieft dem diskret opdeckendem Tailleur, ëmmer lëschtég, moudesch, frësch, jonk a vif duerch den Zentrum. Si gesi sech u wéi d'Zaldoten oder Massendénger vun engem perfekte Riederwierk, Statiste vun enger neier Zefriddenheet, vu Wuelstand an Uschloss vu Lëtzebuerg un d'grouss Welt, vu neier Gesellegkeet a Professionalitéit. Mä as dat och esou? Wat sin dës Leit der fir, di beneid an ugegaaft, vun alle Säiten ëmwuerben, awer kaum op e Nenner bruecht kënnen gin, dës nei Lounofhängeg, ëm deenen hir Gonscht d'Politiker total désorientéiert konkurréieren, bei deenen hirer Organisatioun d'Gewerkschaftler verzweifelen, deenen hiirt soziologescht Profil sech duerch keng Zuelen iwwert d'Branche festneele leest.

Et as net liicht, deene vun de Banken op d'Fangeren ze kucken. Schwätzen doen se net vill iwwert sech, éischter iwwert Saachen, déi se reng äusserlech oder indirekt eppes ugin; Sport, Haus, Auto, d'Arichtung vun der Wunneng, meeschtens ganz am Détail, bal professionell, wéi iwwert de Wonschberuff. Net datt an de Saachen eleng hir Dreem léichen, awer an dësen Saache spijhelen a fixéieren sech hir Dreem. Dat brauch ee net ze verwonneren; mir liewen an engem Land, wou d'Sprooch iwwert den Ego am klasesche Sënn vum Wuert nach an de Kanner-schong stécht, wou d'klasescht Arsenal fir d'Ausdrécke vu Gott an der Welt an dem Ech an dëser Welt bal ganz feelt. Dofir bleiwt ons als Gesellschaft viles verstoppt, as d'Fassad dat, wat gëlt. Sou gesi mer och kaum, wat sech hannert der glader Fassad vun de Bankbeamte verstoppt. Eng Schicht voller Spannunge get als eng sollech net wouergeholl. Dobäi schleefe si d'Familljewäerter a -konflikter aus dem ale Stader Klengbiertum, aus dem traditionellen Aarbéchermilieu vum Süden an aus den Dierfer, aus deene Miljeun, aus deene se rekrutéiert gin, an en urbane, weltopgeschlossene Beruffsmilieu eran. Si droen d'Mentalitéit vu bedéngt wirtschaftlech verwäerte Schichten, di sech am kontraktuelle System Lëtzebuerg ëmmer arrangéiere konnten, an den Zentrum vun der absoluter Verwäertung vu Mënsch a Wuer. De Bankbeamte mécht den Iwwergank vun der Gesellschaft vum prix d'ami an d'Gesellschaft vum prix tout court. Dat geschitt zum gréissten Deel onbewusst, an onerkannt vun de politischen a gewerkschaftlechen Décideuren.

Dës Behauptongen, déi kee wëssenschaftlech fundéierte Status kënnen hun, loosene sech awer mat deene folgende Beispiller illustréieren. Di besprache Profiler sin all authentesch, awer fir d'Anonymitéit vun de Leit ze garantéieren, liicht verfrüemt.

D'Evelyne huet drësseg Joer. Et staamt aus engem Duerf net ze wäit aus der Stad, dat awer nach e richtegt Duerf bliwwen as. Hat war fir d'éischt beim Stat, wéi ee seet. Do goug et him net schnell genuch no uewen. Et huet virun 9 Joer bei eng Bank iwwergewieselt. Dozou huet deemols vill Courage gehéiert. Bei der Bank as et efficace, ëmmer do, an ëmmer fir Iwwerstonne bereet. D'Evelyne as net nëmmen e gudde Matarbéchter, mä och dat wat een e schéint

Meedchen nennt: schlank, mëttelgrouss, lang krauslech Hoer, e schaarfe Profil, deen dat laang no hanne gezunnent Gesicht an d'Mandelaën opfänken an douce erschéngen loosene. Hat fillt sech ëmmer wuel, et as ëmmer fit, et dreiw Sport, et huet säi Frënd, et huet en Auto, et huet en eegent Haus, e wonnerbaren Hond, et huet Bezéiungen op der Schaff an an der Stad. All Indikator vum Erfolleg steet op gréng. Huet d'Meedche vum Land et an der Stad gepackt?

D'Indikatoren op gréng verstoppe méi wéi se weisen. Säin Training as verbonne mat enger wierklech panescher Angscht, al ze gin an ze déck ze gin. Et dierf kee Gewierf hänken, et dierf kee Polster a keng Fal sech weisen, an dofir get fréi, ganz fréi schlofe gaang, a nëmmen de Weekend get mam Frënd verbruecht. An do geet och näischt eso glad wéi et schéngt. Si gi seit Joren zesummen eraus, awer hien as bestued a kritt sech net vun doheem, wou näischt méi leeft, lassgerappt: Angscht virum Watsoen-se, Angscht virun der Fro vun den Alimenter, Angscht, d'Kanner ze verléieren. D'Sécherheet geet bei him vir, en zwéngt hatt an eng Zweedeitegkeet, di säi Liewen ëmmer méi staark bestëmmt. De Jong ka sech net décidéieren, da geet hat kee Risiko an. Et bleiwt bei séngen Eltere wunnen, do as et esou kammoud. D'eegent Haus huet nach kee klönen Zweck. E geesäitegt Blockéieren an en duebelt Liewen iwwer Joren! A seit Jore kënnt et bei der Bank net virun, et get net méi Unerkennung an och net vill méi Loun.

Op eemol feelt him eppes. Et fänkt un, d'Lappen hänken ze loosene. Bis datt d'Léisung sech bitt: de Mann mat der Ferrari, sportlech, mëttleren Alter, ewéi an der Reklam! D'Evelyne as glécklech. Et kann en aalt Bild aléisen, dat onkomplizéiert Laachen, dat sech am Kampf géint d'Algin partnerschaftlech ubitt. En Happy-End wéi am Billerbuch! Oder de Versuch, eppes nozehuelen?

D'Zäit huet d'Madeleine iwwerfall. Um Ufank hat et séng Aarbécht gär. Et huet séng Kollejhen gewerkschaftlech organiséiert, bis datt et hannert de Karrierismus vun de féirende Bankgewerkschaftler koum. Haut as hatt sechsandresseg Joer al, et huet d'Flemm mat sénger Beruffswelt, an et huet och nach eng Scheedong hannert sech. Fir sech an der Riicht ze halen, huet hatt en Dagesplang ewéi en Auerwierk. Hatt as kee flott, et as lues an et fillt sech ellen an iwwel an sénger Haut. Et fällt vun enger Depressioun an di aner. Anescht wéi d'Evelyne bleiwt hatt net domat hannert dem Bierg. Et weist mat all Geste deenen aneren, datt et him schlecht geet, an dobäi get hatt esou désagréabel datt et sech regelrecht isoléiert.

Awer et huet säin Dréi fonnt: "Kee ka mech erausgehen, well ech maache jhust dat, wat ech muss. An ech sin esou laang hei, datt se mer nëmme mat enger grousser Entschiedejhong kënnen lass gin. A wann ech déi géif kréien, da bräicht ech e ganz Joer net ze schaffen." Seng Aarbécht as him net méi wichteg, eng Mussésaach, di ouni Begeescherong ofgesat get. Munchmol awer flackert et op. Da war ee gentil mat him a kritt vun him seng Spezialitéit geschenkt: en Hausmaacherflän. An eng Ried iwwer Yoga!

**Hire Status
dréit de
Schäin vun
der dynamescher
On-
ofhängegkeet.**

De Fred as no bal zwanzeg Joer op der Bank och net méi zefridden. Hien huet allerdéngs mënschlech nach net esou wéi d'Madeleine ofgeschalt. Hien as als minoritärer Gewerkschaftler, deen a séngem Betrieb immens beléift as, ëmmer mat Initiativen do, wann e Kolleg muss beim Patron verteidegt gin. Fir de Rescht denkt de Fred, dee lénks as, nëmmen nach u seng Weekender bei sénger Frënn am Ausland. Freides um fënnf as déi nächst Grenz säin Ziel. Dat richtegt Liewe fänkt eréischt hannert der Grenz un.

Fir de Carlos an d'Cidalia as d'Ustellung bei enger Bank en immense sozialen Opstig. Als portugisesch Immigrante vun der zweeter Generatioun hu si sech duerch d'Mäanderer vun der lëtzebuergescher Schoul gekrëmmt, sin e puer Mol um Ufer hänke bliwwen. Hir Intelligenz, besonnesch di bësseg a lëschtég vum Carlos, huet si gerett, si hun Ennerstëtzung gefuerdert a kritt. Si sin där Auslännerkanner, dären hiirt Wëssen a Kënnen net verpolfert gouf. Fir aus dem autoritären Miljeu vun doheem erauszekommen, huet de Carlos d'Cidalia bestued. Si hun nach keng 45 Joer zesummen. Virun zwee Joer sin se an e Studio gezunn. 20.000 frs. Loyer! E Provisorium, duechten se. Si hun net, ewéi d'Evelyne, Elteren, déi se ënnerstëtze kënnen. An si hun sech jo bestued, fir vun den Elteren onofhängeg ze gin, eng räif, iwwerluten Entscheedong. Materiell geet et awer elo net méi virun. Aus dem Provisorium gouf en Uert vu Frustratioun, aus deem se net méi erauskommen, well mat hirem Akommes (minus den Här Kumul, deen di jonk Stéid gréisste leesst) u keng méi grouss Wunneng ze denken as. Wie keng Ierfschaft an dësem Land virgestreckt kritt, steet domm do! Och auswäerts der Stad as näischt zu vernünftege Loyerën ze fannen.

De Carlos as dat wat een en engagéierte Bankbeamten nenne kann. Elo stellt hie sech béis Froen. Zréck a Portugal? An dobäi gehéiert dësen helle Kapp zum virtuell beschten, wat hei erëm leeft. D'Cidalia leest de Kapp hanken. "Mir fänken do un, wou eis Elteren ugefaang hun. Jhust, virun huet dat Zëmmerwunneng geheescht, an et wor an engem alen Haus, an elo heescht datselwecht Studio an et as an engem neien Haus. A well hei keen deen anere kennt, as et wéi um Hond hannen an dat matzen an der Stad." D'Mamm mécht d'Wäsch, well am Studio keng Plaz do as fir d'Saachen ze dréchnen. Sonndes get bei der Mamm giess, well soss de Sënn, nach un eppes gebonnen ze sin, ganz verluer géing. D'eege Famill as eng materiell Schwéiergebuert bei beschte berufleche Viraussetzungen. Eng Absurditéit hannert dem Schäi vum Normalen!

Den Gino huet Fra a Kanner, net ganz vill Ausbildung, mä vill Déngschtjoren. Wéi hien an de Genoss vun de bëllege Krediter fir d'Employéën vun der Bank koum, huet hien sech net méi gepackt. D'Haus gouf grouss, den Auto déck, d'Kanddafen an d'Kommunionen net ënnert 50 Leit, an dat an de beschte Restauranten Sénge Leit aus Apulien huet hien et jo misse weisen, wéi wäit hien et bruecht hätt. Irjendwéini goug et hannen a vir net méi duer. D'Dierwiechter hu sech gemellt, zu Arel gouf geléint. Den Gino besteet nëmmen nach aus Angscht virun de Raten. Hie gehéiert sénger Bank, di hien net eraus-

gehäit, well en da guer näischt méi erëm bezuele kéint, an dat obwuel se net méi vill ka mat him ufänken. Den Gino huet esouvill Problemer, datt hie net méi vill Neies begräift, sech komme leesst, an der Kleedong, a séngem Behuelen um Büro, wou en haseleg schafft a vill vergësst. Seng Angeberei, mat där en Dag an Dag aus sech géint all wierklech oder ugeholl Ufechtong verteidegt, geet deenen aneren am Service op de Geescht. Awer den Gino as eben do, bläert, schweesst, houscht, fëmmt, hetzt sech a klot, ëmmer ënner Drock, e Kessel, deen eng Kéier explo-déiere muss.

Et kéint een nach zu villen anere Leit aus dem Bankbeamtemiljeu schwätzen. Vum Roby z.B., deen e schlechte Schüler war, an elo, mat 20 Joer, Brooker as a mat Milliounen spillt, deen dovun dreemt, sech geschwë selbstänneg ze maachen. Hie muss 3 Grëffer kenne fir 2 Milliounen ze verdéngen, sou gesäit hien d'Saach. Den Dram vum liichte Geld kuerz no der Pubertéit, e ruckelzeche Machtausch ouni Fro iwwert d'magesch Multiplizéierung vum Flësseg. Da war do nach d'Nathalie, Mëtt zwanzeg, dat esou ausgeäit, wéi wann et sech all Mann géing op d'Long zéien, an dat a Wierklechkeet engem kannréche Mann, deen néierens mat him higeet, follegt, an em all Dag dee selwechte Menu zervéiere muss. Et kéint een och vum Tania aus Beljen erzielen, dat am Grenzland Chômage kasséiert an an der Stad niewebäi als Intérimaire de Mount nach opronnt, well et sech soss guer näischt leeschte kéint. Da get et nach d'Fernande an de Fernand, eng ongläich Koppel. Hie kennt aus der ënneschter Etage, wann och aus enger gudder Famill, wéi et hei eben esou heescht. Hat kennt aus der ieweschter Etage, awer aus enger manner gudder Famill. Wéi dem Jong seng Plaz gewackelt huet, si si sech begéint. Duerno war seng Plaz neess stabil, an dem Meedche säi soziale Status verbessert. Si danze ganz gudd mat enaner, an hien as e gudder Chauffeur, wann en hatt no den Iwwerstonnen an der Chefetage ofhéilt. De Manuel, deen am rengste Sënn vum Wuert zimlech weiterfuere as mat séngen 20 Joer, wëll aus der Bank erëm eraus. Hie fënn de Miljeu medioker. Hier wëll elo studéieren. Mä hien huet et e bësse méi liicht: hie kritt säi Studium ouni Problem vun doheem finanzéiert.

No dësem Ausflug a Bankleitsbiographien wär d'Fro ze stellen, wat dëse Miljeu ausmécht. E Klassebewusstsein huet et keen. E Liewensgefill huet e schon, awer no villen Trenden hin, quier duerch de Geméisgaart vun der moudescher Offer. De Bankmiljeu as e Puzzle vu norméierten Individualitéiten, mat Akzidenten, déi keen dierf gewuer gin. Dat Weltoffent kräizt sech mat dem Bieder-Lokalen. D'Erschén-gong as eng grouss Inszenéierung, d'Schwätze vum Eenzlen e Flopp.

An hirer Aarbécht gesin di meescht kee Sënn; si wësse net, wat se genau beaarbéchten, wat se firwat maachen. Si wësse jhust, wéini dat, wat se maache, richteg as oder falsch, konform as oder net. Eng typesch Entfremong wéi bei der traditioneller Aarbéchterklass! Nëmmen, si sin an hirem Selbstverständnis keng Aarbéchter, hiirt Produkt, d'Déngschtleschtong, as nach méi abstrakt wéi en

**De
Bankmiljeu
as e Puzzle
vu norméier-
ten In-
dividualitéiten**

Industrieprodukt an de verschiddenen Etappe vu senger Fabrikatioun, a si sin och net wéi d'Aarbéchter an der Zäit ënnert enaner solidaresch. Ausserhalb vun der Aarbécht si si oft eleng oder fannen am beschte Fall éischter de Wee zu Gruppen a Veräiner, déi näischt méi mat der Aarbécht ze dun hun. No Feierowend trauert keen der onperséinlecher Onsichtbarkeet vun der Broutaarbécht no.

Hier Status dréit de Schäin vun der dynamescher Onofhängegkeet. D'Hierarchie an de Banken awwer dréckt se oft moralesch no ënnen, besonnesch déi iwwer drësseg, déi de Plafong vun der Karriär erreecht hun. Hiren Houffert as eng Fiktioun. Tragescherweis blenne si net nëmme sech, mä och di aner. Domadde schuede si sech. Hir Problemer am Betrib an an der Gesellschaft bleiwe verstoppt, besonnesch well schon net gär en Hor an der Zopp vum Bankwiese font get. Si si net nëmme aus ekonomesche Grënn, weinst der Wunnéngsnout, un de Rand vun der Stad gedréckt, si liewen och um Rand vun deene Kreeser vun der Gesellschaft, wou d'Décisiounen getraff oder d'Meenonge gebild gin. Si sin eraus aus der Polis, apolitesch. Si liewen an engem Zoustand vu gesellschaftlecher Onverantwortlechkeet, déi wei eng Zäitbomm am Kierper vun der Lëtzeburger Demokratie téckt.

Et kann einfach net gutt sin, wann eng Gesellschaft wéi di lëtzebuergesch an eng Economie gezu get, wou kee reelt Verhältnis tëschent Aarbécht a Geld evident as, an zum Deel och net méi reell besteet. Si muss als Kollektiv de Sënn fir d'Realitéit verléieren. Sou wéi sech d'Kapitaler bal magesch multiplizéieren, ouni scheinbar Aarbécht, sou sollen sech och am konfuse Verlaange vun esou enger Gesellschaft d'Liewensetappen ouni Problem an di entspreichend Déngschtleeschtingen wéi op e Wénk dem Individuum eng no där aner ubidden, ouni Méi an ouni Krempe.

Déi vun de Banken, esou schéngt et mir, géifen eng grouss Pann am lëtzebuergesche System schlecht verkraaften. Där klenger Pann goufe scho sichtbar, z.B. duerch de Succès bei de Châmblerwalen 89 vun der 5/6-Partei a vun de Neo-Naziën, besonnesch an der Stad an am Süden. D'5/6-Partei krut vill Stëmme aus dem Bankmilieu. Wéi kéinten déi vun de Banken sech och identifizéieren mat deenen traditionnelle Politiker, déi zwar op se gafen, awer keng Wieder fannen, déi hir Problemer ugin, well d'Patronat vun de Banken en Tabu gin as, esouguer fir d'Sozialisten. D'Blannheet vun de Politiker aus den 3 grouse Parteien verstärkt d'Selbstblendung vun engem Milieu, deen an senger gesellschaftlecher Onverantwortlechkeet gär fir di nei Demagoge stëmmt, déi d'Wieder fonnt hun, di hir verstoppten Onzufriedenheet opgräifen. Datt dobäi net méi wäit gesi get wéi an d'Pensiounsbroutkëscht vum Noper, verweist op den Zerfall vun eiser politescher Kultur.

Souwisou: u wat sollten déi vun de Banken sech och positif orientéieren, un den eidle Spréch vun deenen, di hinnen näischt ze soen hun, oder un den décken Téin vun deenen aneren, di net méi wäit gesin wéi hir Nues? Eng richteg politesch Entscheedong get ëmmer méi schwéier an engem Land, wou de gréissten Deel vun der Press nom Motto liewt, datt ee viles soe kann, awer weëneg schreiwen oder weisen dierf, am hellege Respekt virun den Tabubetriber, déi jo duerch hir Annoncen d'Zeitungen iwwer Waasser halen. Wann an engem demokratesche Stat wéi eise stänneg wichteg Problemer verschwiege gin, da musse sozial Schichten, déi aus der Ried iwwert d'Gesellschaft ausgeklammert gin, aus dem demokratesche Stat eraussplitteren. A mat der Zäit get et ëmmer méi schwéier, se zrëck ze kréien. An da wonneren sech di Blann, datt se vun anere Blannen an de Gruet gezu gin. Virun 10 Joer hu mer eis géint d'Perspektiv vum Atomstat gewiert, hautzedags musse mer de Bankstat verhënnere.

CASSANDROS

**An hirer
Aarbécht
gesin di
meescht kee
Sënn; hiirt
Produkt,
d'Déngscht-
leeschting,
as nach méi
abstrakt wéi
en Industrie-
produkt.**